Le texte de cette délibération est à la disposition du public à la maison communale, où il peut en être pris copie sans déplacement.

Reckange-sur-Mess, le 26 juillet 2023.

Le collège des bourgmestre et échevins

**Carlo Muller, bourgmestre**
**Christian Tolksdorf, échevin**
**Marc Ludwig, échevin**

---

Administration communale de Reckange-sur-Mess

# AVIS

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal de Reckange-sur-Mess, en sa séance du 13 juillet 2023, a **approuvé deux modifications du règlement de la circulation**, décisions approuvées par Monsieur le Ministre de la Mobilité et des Travaux Publics le 19 juillet 2023 réf. cce/rc/avis/23/5117 et par Madame la Ministre de l'Intérieur le 26 juillet 2023, référence 322/23/CR.

Le texte de ces délibérations est à la disposition du public à la maison communale, où il peut en être pris copie sans déplacement.

Reckange-sur-Mess, le 2 août 2023.

Le collège des bourgmestre et échevins

**Carlo Muller, bourgmestre**
**Christian Tolksdorf, échevin**
**Marc Ludwig, échevin**

**11. Nouvelle fixation du prix de vente pour les repas sur roues**
Le conseil communal approuve à l'unanimité de fixer le prix de vente pour les repas sur roues à partir du 1er octobre 2023 à 12,94 € par repas fourni, les frais de transport étant à charge de la commune.

**12. Approbation d'un acte notarié de cession gratuite**
Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver un acte notarié de cession gratuite, dans lequel le cimetière d'Éhlange est cédé par le Fonds de gestion des édifices religieux et autres biens relevant du culte catholique à la commune de Reckange-sur-Mess, ceci dans un but d'utilité publique en vue de la régularisation de propriété de ce cimetière.

**13. Approbation de l'organisation scolaire définitive**
Le conseil communal approuve à 8 voix et une abstention l'organisation définitive pour l'année scolaire 2023/2024, telle que présentée par Monsieur l'échevin scolaire Christian Tolksdorf.

**14. Approbation de quatre décomptes relatifs à des travaux extraordinaires**
Le conseil communal approuve à l'unanimité quatre décomptes relatifs à des travaux extraordinaires concernant l'aménagement de la piste VTT-Downhill à Reckange, la rénovation du Centre Culturel Pëtzenhaus à Reckange, la contruction de la nouvelle conduite d'eau entre Reckange et Ehlange et l'aménagement de l'entrée en localité d'Ehlange.

**15. Approbation de la convention tripartite 2023 pour la Maison des Jeunes**
Le conseil communal approuve à l'unanimité la convention tripartite 2023 pour la Maison des Jeunes, couvrant la période de financement de la Maison des Jeunes d'Éhlange du 1er janvier au 31 décembre 2023. Les frais totaux sont financés à 50% par la commune de Reckange-sur-Mess et à 50% par le Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.

**16. Constitution des commissions consultatives**
Suite à l'appel lancé auprès de nos concitoyens, toutes les candidatures pour devenir membre des différentes commissions consultatives ont été recueillies. Le conseil communal a procédé au scrutin par bulletins non-signés et a ainsi constitué la commission de l'agriculture, la commission des bâtisses, la commission de la circulation, le comité à la culture, la commission de l'environnement, la commission pour l'histoire, la commission des jeunes, la commission des sports, la commission du 3e âge et la commission scolaire. Le conseil communal a également procédé à la nomination des différents présidents de ces commissions. Leur composition sera disponible sur le site internet de la commune.

**17. Fixation des nuits blanches pour l'année 2024**
Le conseil communal approuve à l'unanimité la prorogation des heures d'ouverture jusqu'à 3 heures du matin de tous les débits de boisson de la commune du 1er janvier au 31 décembre 2024 pendant les nuits du:

a) localités de Reckange, Roedgen et Pissange:
- samedi, le 27.04.2024 au dimanche, le 28.04.2024 (kermesse)

b) localité d'Éhlange:
- samedi, le 27.07.2024 au dimanche, le 28.07.2024 (kermesse)

c) localité de Limpach:
- samedi, le 17.08.2024 au dimanche, le 18.08.2024 (kermesse)

d) pour toute la commune:
- samedi, le 17.02.2024 au dimanche, le 18.02.2024 (carnaval)
- mardi, le 30.04.2024 au mercredi, le 01.05.2024 (Fête du Travail)
- mercredi, le 08.05.2024 au jeudi, le 09.05.2024 (Journée de l'Europe)
- samedi, le 22.06.2024 au dimanche, le 23.06.2024 (Veille de la Fête Nationale)
- mardi, le 31.12.2024 au mercredi, le 01.01.2025 (St. Sylvestre)

**18a. Allocation d'un subside extraordinaire à la Croix-Rouge Luxembourgeoise**
Le conseil communal approuve à l'unanimité d'allouer un subside extraordinaire de 1.000 € à la Croix-Rouge Luxembourgeoise, œuvrant pour secourir les victimes du séisme au Maroc et plus particulièrement dans les montagnes de l'Atlas, survenu le 8 septembre 2023.

**18b. Allocation d'un subside extraordinaire à l'a.s.b.l. Médecins sans Frontières**
Le conseil communal approuve à l'unanimité d'allouer un subside extraordinaire de 1.000 € à l'a.s.b.l. Médecins sans Frontières, œuvrant pour secourir les victimes des pluies intenses et des tempêtes qui ont ravagé plusieurs villes dans le nord-est de la Libye le 10 septembre 2023.

**-) Point d'urgence: Approbation d'un morcellement**
Le conseil communal approuve à l'unanimité un projet de morcellement d'un terrain dans la rue du Bois à Wickrange. Suite à ce morcellement, une partie du terrain en question pourra être échangé avec un particulier contre une parcelle permettant l'extension du terrain du hall de l'atelier communal et en facilitera l'accès.

**19. Divers (questions au collège échevinal)**
En fin de réunion, diverses questions ont été soulevées et discutées et des réponses ont été formulées concernant notamment des postes vacants au sein du conseil d'administration du Hexemeeschter, la déviation de la ligne RGTR 750 par Limpach et Pissange dans le cadre du chantier à Mondercange et l'irrégularité du service du bus scolaire au départ du Lycée de Mamer.

**Séance à huis clos:**
Les points 20 et 21 concernent des affaires du personnel et sont donc traités à huis-clos.

# Sëtzung vum Gemengerot vum 13. Juli 2023

**Uwiesend:** Carlo Muller (Buergermeeschter), Christian Tolksdorf, Marc Ludwig (Schäffen), Sonja Heyard, Robert Leclerc, Nicole Thorn, Dominique Da Costa, Claire Pépin, Yann Kohl (Conseilleren), Savas Koroglanoglou (Gemengesekretär)

Den Här Buergermeeschter Carlo Muller schléit dem Gemengerot vir, een dréngleche Punkt op d'Dagesuerdnung vun däser Sëtzung bäizesetzen. Hei geet et ëm e Projet vun engem Morcellement an der Rue du Bois zu Wickreng. Iwwert dëse Punkt gëtt zum Schluss vun der Seance deliberéiert.

1. **Informatioune vum Schäfferot**
    - De 14. September 2023 huet eng Aarbechtssëtzung vum Gemengerot stattfonnt fir iwwert de „Plan d'action logement" an iwwert d'Modalitéite fir d'Zesummesetzung vun de Kommissiounen ze diskutéieren, am Kader vum Kandidaturen-Appell, deen dëse Summer lancéiert gouf.
    - De Schäfferot huet sech mat Vertrieder vum Kierchefong an der Kapell zu Riedgen getraff, fir sech iwwert d'Entweiung vun däser z'ënnerhalen. (Cf. Punkt 8)
    - Den 12. September 2023 huet an der Gemeng den Audit vum Klimapakt stattfonnt, wou mir openneits iwwer 60% vun de Punkten erreechen a soumat de Sëlwer-Niveau erreechen.
    - De Schäfferot huet sech mat de Vertrieder vun der LASEP Reckeng ënnerhalen, déi eis de Programm fir d'Schouljoer 2023/2024 virgestallt hunn. Den Accent gouf op d'Wichtegkeet vun der Weiderféierung vun de Schwammcoursen an der Schwemm PIMODI zu Monnerech gesat.
    - Den 21. September 2023 huet de Schäfferot sech mat dem Här Klopp, Direkter vum SICONA, getraff, fir der Gemeng hir Ambitioun fir d'Weiderféierung vun Investissementer an Naturschutzprojeten an an d'Biodiversitéit ze festegen.
    - Den 21. September 2023 huet an Zesummenaarbecht mam CGDIS e Workshop am Gemengenatelier stattfonnt, deen als Zil hat de Bierger déi richteg Reflexer am Fall vun Héichwaasser bäizebréngen, ënner anerem d'Zesummesetze vun de Boxwalls an de richtegen Ëmgang mat Sandsäck fir en Damm opzeriichten.
    - De Schäfferot huet un enger informeller Diskussioun deelgeholl mat der Madamm Buergermeeschtesch vun Dippech Manon Bei-Roller a mat engem potentiellen Exploitant vum zukünftegen CIPA zu Wickreng.
    - De 27. September 2023 huet eng Entrevue mam Architektebüro vun der Maison Relais stattfonnt, deen d'Gemeng informéiert huet dass d'Fäerdegstellung vun der Struktur Verspéidung kritt an dass dës warscheinlech op d'Rentrée 2024/2025 verréckelt ass: D'Gesamtsituatioun um Maart fuerdert Verspéidunge bei den Handwierker a bei deenen eenzele Corps de Métier, sou dass dës hir Delaien net anhale kënnen. Dobäi kënnt och nach dass d'Maison Relais eréischt dierf a Betrib geholl ginn, spréch Kanner dran empfaange ginn, wann d'Gemeng a besëtz vum Agrément ass. Dëse kann awer eréischt beim Ministère ugefrot ginn, wann de Bau komplett ofgeschloss ass. Dës Demarche dauert eleng 3 Méint. D'Gemeng muss och mat enger genereller Präishausse vun ongeféier 3.500.000 € rechnen. Dëst huet ënner anerem mat der Hausse vum Präis vun de Réistoffer, vun de Salairen a vun den Transportkäschten ze dinn.
    - Fir an d'Kalenner:
        - Samschdes, den 30. September 2023 fënnt de Cyclocross-Event „Urban Nightcross" am Reckenger Duerfkär statt.
        - De 7. Oktober 2023 fënnt déi grouss Kleedersammlung am Gemengenatelier statt, organiséiert vun der Kommissioun vum drëtten Alter.
        - De 14. Oktober 2023 fënnt d'Mass vum Nationale Commémoratiounsdag an der Reckenger Kierch statt.
        - Den 21. Oktober 2023 fënnt den Halloweenlaf beim Gemengenatelier statt, organiséiert vun der Sportskommissioun.
        - Den 9. November 2023 fënnt déi nächst ëffentlech Sëtzung vum Gemengerot statt.
        - Den 30. November 2023 fënnt eng Aarbechtssëtzung ronderëm de Gemengebudget vum Joer 2024 statt.
        - De 7. September 2023 wäert de Gemengerot de Chantier vun der Maison Relais besiche goen.
        - De 15. Dezember 2023 fënnt déi lescht ëffentlech Sëtzung vum Gemengerot vun dësem Joer statt, an där de Gemengebudget fir d'Joer 2024 virgestallt, diskutéiert a gestëmmt wäert ginn.

2. **Geneemegung vum Rapport vun der leschter Gemengerotssëtzung**
   De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Rapport vun der leschter Gemengerotssëtzung.

3. **Ännerung vum ordinäre Budget vum Joer 2023**
   De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Ännerung vum ordinäre Budget vum Joer 2023, déi follgendermoossen ausgesäit:
    - Zousätzlech Recetten: 0 €
    - Zousätzlech Ausgaben: 27.690 €

4. **Pacte Logement 2.0 – Geneemegung vum Programme d'action local «Logement» (PAL)**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Programme d'action local logement (PAL) vun der Gemeng Reckeng op der Mess, sou wéi e vum Schäfferot virgestallt gouf: Dëse Programm, dee mat der Ënnerstëtzung vun engem Logements-Conseiller ausgeschafft gouf, ziilt dëse Pakt eng enk Zesummenaarbecht téschent dem Staat a de Gemengen u fir d'Kreatioun vu bezuelbarem an nohaltegem Wunnraum, d'Mobilisatioun vu bebaubaren Terrainen a bewunnbare Géigende souwéi d'Verbesserung vun der Liewensqualitéit an all de Quartieren duerch ugepassten urbanistesche Moossnamen.

5. **Entscheedung iwwert d'Reklassement vun engem Terrain vum ëffentlechen an de private Gemengeberäich**
De Gemengerot geneemegt d'Reclassement vun engem Terrain vun engem Ar an 23 Zentiar zu Riedgen an der Rue de Luxembourg vum ëffentleche Gemengeberäich an de private Gemengeberäich, en vue vun engem spéideren Tosch mat enger Privatpersoun.

6. **Geneemegung vun engem Morcellement-Projet**
Bezüglech dem Punkt 5 geneemegt de Gemengerot eestëmmeg d'Morcellement vun engem Terrain zu Riedgen an der Rue de Luxembourg. Dës Demande, op Initiativ vun der Gemeng Reckeng op der Mess, en vue vun engem Tosch mat enger Privatpersoun, huet als d'Zil d'Rektifikatioun vun dem viischten Alignement vun der Parzellëlimitt laanscht d'Rue de Luxembourg an d'Kreatioun vun engem Stéck wou en Traffo drop installéiert gëtt.

7. **Klassement vun engem Bauerenhaff an den nationale Kulturpatrimoine - Avis vum Gemengerot**
Op Basis vun der Presentatioun vum Schäfferot entscheet de Gemengerot e positiven Avis ofzegi fir d'Klassement am Kulturpatrimoine vun 2 kloer identifizéierte Gebaier vun engem Bauerenhaff zu Lampech. De Gemengerot wënscht allerdéngs, dass och just dës zwee Gebaier an net déi komplett Parzell klasséiert gëtt, well d'Gemeng op engem Deel vun dëser e Projet d'aménagement particulier virgesinn huet.

8. **Kaf vun der entweiter Kapell Saint-Thomas zu Riedgen - Propositioun vun enger Cessioun**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Kaf vun der entweitener Kapell Saint-Thomas zu Riedgen, fir de symboleschen Euro, sou wéi et de Kierchefong virschléit. Op dësem Wee kann de ganzen historeschen, kulturellen an architektonesche Wäert vun dëser Kapell erhale ginn.

9. **Geneemegung fir viru Geriicht ze goen**
   a) De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Virschlag, eng Firma viru Geriicht ze huelen, sou dass dës d'Schied begläicht, déi si an engem Gemengegebai ugeriicht huet.
   b) De Gemengerot gëtt dem Schäfferot eestëmmeg d'Erlabnis fir mat enger Privatpersoun viru Geriicht ze goen an dës dozou ze verflichten, eng Konventioun z'exekutéieren.

10. **Ännerung vun engem Gemengereglement iwwert e Subside**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de koordonnéierten Text iwwert d'Subventioune fir d'Uschafung an d'Installatioun vu Photovoltaik- an Thermoanlagen. Dësen Text fannt Dir um Internetsite vun der Gemeng, Rubrik Démarches administratives.

11. **Nei Fixatioun vum Verkafspräis vum Iessen op Rieder**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Fixatioun vum Verkafspräis vum Iessen op Rieder ab dem 1. Oktober 2023 op 12,94 € pro geliwwert Moolzecht. D'Transportkäschte gi vun der Gemeng iwwerholl.

12. **Geneemegung vun engem Notairesakt iwwert eng gratis Cessioun**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg en Notairesakt iwwert eng gratis Cessioun, bei där de Kierchefong den Éilenger Kierfecht der Gemeng Reckeng op der Mess gratis oftrëtt, dëst am ëffentlechen Interessi fir d'Regularisation de propriété vum Kierfecht.

13. **Geneemegung vun der definitiver Schoulorganisatioun**
De Gemengerot geneemegt mat 8 Stëmmen an enger Enthalung déi definitiv Schoulorganisatioun fir d'Joer 2023/2024, sou wéi se vum Här Schoulschäffe Christian Tolksdorf virgestallt gouf.

14. **Geneemegung vu véier Decompten iwwert extraordinär Aarbechten**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg véier Decompten iwwert extraordinär Aarbechten: den Amenagement vun der Downhill Mountainbike-Piste zu Reckeng, d'Renovatioun vun der Fassad vum Centre Culturel Pëtzenhaus, de Bau vun der neier Waasserleitung tëschent Reckeng an Éileng an den Amenagement vum Uerschaftsagank vun Éileng.

15. **Geneemegung vun der Convention Tripartite 2023 fir d'Reckenger Jugendhaus**
De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Convention Tripartite 2023 fir d'Reckenger Jugendhaus, déi seng Finanzéierung vum 1. Januar bis 31 Dezember 2023 deckt. D'Gesamtkäschte ginn zu 50% vun der Gemeng Reckeng op der Mess an zu 50% vum Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend gedeckt.

16. **Zesummesetzung vun de consultative Kommissiounen**
Op Basis vum Appell vun dësem Summer goufen alleguer d'Kandidature fir déi verschidde consultativ Kommissioune gesammelt. De Gemengerot huet doropshi via anonym Walziedele fir déi eenzel Kandidaten ofgestëmmt an esou d'Feldweeërkommissioun, d'Bautekommissioun, d'Verkéierskommissioun, de Kulturcomité, d'Ëmweltkommissioun, d'Kommissioun fir d'Geschicht, d'Jugendkommissioun, d'Sportskom-

missioun, d'Drëtt-Alters-Kommissioun an d'Schoulkommissioun zesummegesat. De Gemengerot huet och déi eenzel Presidente vun de Kommissiounen nominéiert. D'Zesummesetzung fannt dir um Internetsite vun der Gemeng.

**17. Fixatioun vun de fräien Nuechte fir d'Joer 2024**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Prorogatioun vun den Ëffnungszäite bis 3 Auer moies fir all Wiertschaft an der Gemeng, dëst vum 1. Januar bis 31. Dezember 2024 wärend follgenden Nuechten:

a) Uertschafte Reckeng, Riedgen a Piisseng:
- Vu Samschdes de 27.04.2024 op Sonndes, den 28.04.2024 (Kiermes)

b) Uertschaft Éileng:
- Vu Samschdes, den 27.07.2024 op Sonndes, den 28.07.2024 (Kiermes)

c) Uertschaft Lampech:
- Vu Samschdes, den 17.08.2024 op Sonndes, den 18.08.2024 (Kiermes)

d) Fir déi ganz Gemeng:
- Vu Samschdes, de 17.02.2024 op Sonndes, den 18.02.2024 (Fuesent)
- Vun Dënschdes, den 30.04.2024 op Mëttwochs, den 01.05.2024 (1. Mee)
- Vu Mëttwochs, den 08.05.2024 op Donneschdes, den 09.05.2024 (Europadag)
- Vu Samschdes, den 22.06.2024 op Sonndes, den 23.06.2024 (Virowend vun Nationalfeierdag)
- Vun Dënschdes, den 31.12.2024 op Mëttwochs, den 01.01.2025 (Silvester)

**18a. Allokatioun vun engem extraordinäre Subside fir d'Lëtzebuerger Rout Kräiz**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Ausbezuele vun engem extraordinäre Subside vun 1.000 € un d'Lëtzebuerger Rout Kräiz, dat den Affer vum Äerdbiewe vum 8. September 2023 am Marokko, a speziell an den Atlas-Bierger, zur Hëllef kënnt.

**18b. Allokatioun vun engem extraordinäre Subside fir d'a.s.b.l. Médecins sans Frontières**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg d'Ausbezuele vun engem extraordinäre Subside vun 1.000 € un d'Médecins sans Frontières, déi den Affer vun dem Staarkreen an Iwwerschwemmungen vum 10. September 2023 am Nordoste vu Libyen zur Hëllef kommen.

**-) Point d'urgence: Geneemegung vun engem Morcellement**

De Gemengerot geneemegt eestëmmeg de Projet vun engem Morcellement vun engem Terrain zu Wickreng an der Rue du Bois. Dëst Morcellement géing et erméiglechen, e Stéck vun dësem Terrain mat engem Wickrenger Matbierger ze tausche géint e Stéck Parzell, dat d'Erweidere vum Terrain vun der Wickrenger Ateliershal erméiglechen an den Accès vereinfache géing.

**19. Verschiddenes (Froen un de Schäfferot)**

Um Enn vun der Sëtzung goufe verschidde Froe formuléiert, diskutéiert a beäntwert, ënner anerem iwwert fräi Posten am Verwaltungsrot vum Hexemeeschter, d'Ëmleedung vun der RGTR-Linn 750 iwwert Lampech a Piisseng am Kader vum Laangzäitchantier zu Monnerech an d'Onreegelméissegkeete beim Lycéesbus dee beim Mamer Lycée fortfiert.

**Huis-Clos-Seance:**

D'Punkten 20 an 21 betreffen d'Gemengepersonal a goufen dohier an der Huis-Clos-Seance behandelt.

Administration communale de Reckange-sur-Mess

# AVIS

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal de Reckange-sur-Mess, en sa séance du 25 mai 2023, a **fixé les taux multiplicateurs à appliquer pour l'année d'imposition 2024 en matière d'impôt foncier et en matière d'impôt commercial communal**. Ces décisions ont été approuvées par arrêté grand-ducal le 28 juin 2023 et par Madame la Ministre de l'Intérieur le 7 juillet 2023.

Le texte de ces règlements est à la disposition du public à la maison communale, où il peut en être pris copie sans déplacement.

Reckange-sur-Mess, le 12 octobre 2023.

Le collège des bourgmestre et échevins

**Carlo Muller, bourgmestre**
**Christian Tolksdorf, échevin**
**Marc Ludwig, échevin**

Administration communale de Reckange-sur-Mess

# AVIS

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal de Reckange-sur-Mess, en sa séance du 28 septembre 2023, a **modifié le règlement communal concernant l'octroi d'une subvention pour l'acquisition et l'installation de panneaux solaires photovoltaïques et thermiques.**

Le texte de ce règlement est à la disposition du public à la maison communale, où il peut en être pris copie sans déplacement.

Reckange-sur-Mess, le 12 octobre 2023.

Le collège des bourgmestre et échevins

**Carlo Muller, bourgmestre**
**Christian Tolksdorf, échevin**
**Marc Ludwig, échevin**







Den 12. Juni 2023 huet den DH&MTB Club seng Piste a seng Talenter enger grousser Autosmarque zur Verfügung gestallt fir eng Reklamm ze filmen. Mir konnten hannert d'Kulissë kucken. D'Reklamm weist Reckeng vu senger schéinster, gréngster Säit:

*Le 12 juin 2023, le DH&MTB Club a mis sa piste et ses talents à disposition d'un grand fabricant de voiture pour tourner un spot publicitaire. Nous avons jeté un coup d'œil dans les coulisses. Le spot montre Reckange dans son plus bel angle et ses plus belles couleurs:*

**Kuckt hei dat fäerdegt Resultat. /**
***Regardez ici le résultat final.***



**09.09.2023**

Den Här Gerd Klestadt, Iwwerliewenden aus dem Konzentratiounslager Bergen-Belsen, am Kader vun engem ëffentlechten Témoignage am Jugendhaus. /
*Monsieur Gerd Klestadt, rescapé du camp de concentration de Bergen-Belsen, dans le cadre d'un témoignage public à la Maison des Jeunes.*



## 15.09.2023 - Aweiung vun der Plaz „Al Spillschoul" zu Éileng & Open-Air Kino

### *Inauguration de la Place «Al Spillschoul» à Éhlange & Cinéma en plein-air*

Pünktlech fir d'Rentrée hu mir déi fonkelnei Plaz „Al Spillschoul" am Éilenger Duerfkär ageweit, mat der Ënnerstëtzung an a Géigewaart vum Landwirtschaftsministère. Dës Plaz wäert an Zukunft net nëmme fir eng gewësse Verkéiersberouegung suergen, mee eisen Awunner och ee flotten neien Treffpunkt bidden. Duerno hu mir, an Zesummenaarbecht mam Reckenger Jugendhaus, all eis Gäscht op e groussen Open-Air-Kino agelueden, mat der Diffusioun vun de Filmer Tom & Jerry a Bullet Train.

*Pile pour la rentrée, nous avons inauguré la toute nouvelle Place "Al Spillschoul" (ancienne école maternelle) dans le centre du village d'Éhlange, avec le soutien et en présence du Ministère de l'Agriculture. Cette place permettra non seulement de calmer le trafic dans un virage assez serré, mais offrira un bel espace de rencontre à nos citoyens. Juste après, nous avons convié tous nos invités à un grand cinéma en plein-air, organisé en coopération avec la Maison des Jeunes de Reckange, avec la diffusion des films Tom & Jerry et Bullet Train.*





**Entdeckt hei dem Sam Moos säin Aftermovie vum Open-Air-Kino. /**
***Découvrez ici l'aftermovie du Cinéma en plein-air réalisé par Sam Moos.***

KlimaPakt | EUROPEAN ENERGY AWARD
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima
65%



## 21.09.2023 - Workshop

### Déi gutt Reflexer bei Iwwerschwemmungen

### *Les bons réflexes en cas d'inondations*

Säit den Iwwerschwemmunge vun 2021 huet d'Gemeng Reckeng op der Mess vill an d'Preventioun géint Héichwaasser investéiert, ënner anerem an d'Boxwalls, e System fir de Schutz géint Iwwerschwemmungen. Am Kader vun orangen oder rouden Alerten ginn dës Barrièren op strategeschen, virdefinéierte Plazen opgestallt. An Zesummenaarbecht mam CIS Monnerech/Reckeng hu mir eis Matbierger op e Workshop agelueden, wou si sech mat dëse Strukture familiariséiere konnten an déi gutt Reflexer léieren, déi am Noutfall ugewannt solle ginn.

*Suite aux inondations de 2021, la commune de Reckange-sur-Mess a énormément investi dans la prévention contre les crues, notamment dans un système de protection contre les inondations dénommé «Boxwall». Dans le cadre de vigilances oranges et rouges émises par la commune, les barrières boxwall sont placées à certains endroits stratégiques prédéfinis. En collaboration avec le CIS Mondercange/Reckange, nous avons convié nos habitants à un workshop pour se familiariser avec ces structures et adopter les bons réflexes en cas d'urgence.*












NOAQ
NOAQ
NOAQ




# Urban Nightcross

30.09.2023

Déi 4. Editioun vum Urban Nightcross, déi anengems de Startschoss vun der Cyclocross-Saison annoncéiert, huet dank summerlechen Temperature vill interesséiert Zuschauer ugezunn an zu där enger oder anerer Virgäertche-Party agelueden. Well de Reckenger Duerfkär momentan mat e puer Chantiere gespaart ass, gouf de Parcours iwwerschafft an huet ënner anerem laanscht de Messwee gefouert, eng Streck mat senger ganz eegener Ambiance. Houfreg si mir op eis dräi Reckenger Cyclisten **Maïté Barthels, Layla Barthels a Ken Conter**, déi et op de Podium gepackt hunn.

E Réckbléck a Biller.

*La 4e édition du Urban Nightcross, qui sonne le début de la saison de cyclocross a attiré une grande foule d'intéressés et a convié à l'une ou l'autre garden-party. Comme le centre de Reckange est pour le moment barré par des chantiers, le parcours a été retravaillé et a mené notamment mené les cyclistes le long du sentier Mess, avec son ambiance toute particulière. Un grand bravo à nos trois cyclistes reckangeois* ***Maïté Barthels, Layla Barthels et Ken Conter****, qui ont tous fini sur le podium.*

*Retour en images.*











**Juniors**
1. Rick Meylender
2. Thomas Auduc
3. Lenn Schmitz



**Masters**
1. Olivier Paderhuber
2. Tommy Arnoldy
3. Marc Rolf Indergand



**Débutantes**
1. Kylie Bintz
2. June Nothum
3. Camilla Sabin



**Débutants**
1. Yanis Molter
2. Tunn Sinner
3. Loïc Gouveia



**Dames**
**1. Maïté Barthels (vu Reckeng)**
2. Anouk Schmitz
**3. Layla Barthels (vu Reckeng)**



**Elite**
1. Loïc Bettendorf
2. Gauthier Rouxel (absent)
**3. Ken Conter (vu Reckeng)**































07.10.2023

## Déi grouss Kleedersammlung

D'Drëtt-Alters-Kommissioun vun der Gemeng Reckeng op der Mess huet sech nees agesat fir d'Leidelenger a.s.b.l. HUK (Hëllef fir Ukrainesch Kanner) z'ënnerstëtzen, déi Kleeder, Spillsaachen an Haushaltsartikelen an déi Gebidder bréngt, wou se am noutwennegste sinn. Et ass och immens léif dass verschidden Awunner sech d'Méih ginn, Artikelen ze strécken. 180 Kartongskëschte mat gesënnerten, vollwäertegen Artikele konnten an de Camion geluede ginn. Merci Alleguer fir Är Generositéit!

## *La grande collecte de vêtements*

*La Commission du 3e âge de Reckange-sur-Mess s'est encore une fois engagé pour soutenir l'a.s.b.l. HUK (Aide aux enfants ukrainiens) de Leudelange, qui transmet vêtements, jouets et articles ménagers aux populations dans les territoires les plus affectés par la misère. Quelle joie aussi de retrouver des articles spécialement tricotés pour l'occasion. 180 cartons remplis d'articles triés et sélectionnés ont pu être chargés sur le camion. Un grand merci à tous pour votre générosité!*

Aus Respekt géigeniwwer deene Mënschen, un déi Är Done ginn an eise Fräiwëllegen, biede mir Iech den Zoustand vun Ären Donen am Virfeld z'iwwerpreiwen.

*Par respect pour ceux à qui profitent vos dons comme pour nos volontaires, nous vous prions de vérifier au préalable l'état de vos dons.*







# D'Chorale Ste Cécile Ehlange/Mess,

**mat hirer Dirigentin Pascale Philippy haten eng innovativ a positiv Saison 2022/23.**

De Chouer huet ugefaange méi weltlech Concerten ze sangen, sou z.B. op der Schüler-auditioun an um MultiKulti a konnt sech ëm 5 Membere vergréisseren, dovu 4 Kanner. D'Kanner an déi laangjäreg Memberen hu sech gutt verstanen, déi eng konnte mat hirer grousser Erfarung d'Kanner ënnerstëtzen, déi aner hunn hir positiv Energie abruecht.

**Merci all deenen, déi eis ënnerstëtzt hunn !**




Bei eis steet weiderhin de Spaass um Sangen am Mëttelpunkt, an dat bei variéierte Geleeënheeten. Mir hoffe fir d'Saison 2023/24 op genee sou vill Erfolleg, wann net nach méi.

- Mir plange weider Kanner opzehuelen.
- Nei Sänger musse keng Noute kënne liesen, just Spaass um Sangen hunn.
- Musek, also och d'Sangen, ass keen „nice to have". Musek ass essentiel fir d'Mënschen, si ernäert eise Geescht an eis Séil. Si ass wéi de Sport, si hält eis fit a gesond. Et fillt ee sech nom Sangen erholl a gutt gelaunt.
- Musek steigert och d'Bildungskompetenz, fërdert d'Nolauschteren an de Gemeinschaftssënn.
- Eis Prouwe si mëttwochs vun 19h00 bis 19h30 fir Kanner a vun 19h30 bis 21h15 fir Erwuessener.



## 15.08.2023 - Macchina on Tour by Macchina d'Epoca a.s.b.l.






Fir Mariä Himmelfahrt ass d'Macchina d'Epoca mat hiren Oldtimer duerch de Weste vu Lëtzebuerg an duerch d'Province de Luxembourg an der Belsch gefuer. De Startschoss ass beim Centre de Rencontre zu Éileng gefall, a Géigewaart vum Här Buergermeeschter Carlo Muller an den Här Schäffe Marc Ludwig. D'Participante hunn op hirem Wee 12 "Kontrollen" mat Humor an Entspanung bewältege missen.

*Pour l'Assomption, la Macchina d'Epoca est parti à la conquète de l'ouest du Luxembourg et de la Province du Luxembourg en Belgique. Le départ de ce tour a été donné près du Centre de Rencontre à Ehlange, en présence de Monsieur le bourgmestre Carlo Muller et Monsieur l'échevin Marc Ludwig. Sur leur périple, les participants ont du se soumettre à 12 épreuves, toutes maîtrisées avec humour et décontraction.*



---

## 9. & 10.09.2023 - Haxefest by CISMR a.s.b.l. @ CIS Pontpierre








# 21.09.2023 - End of Season Session - 10 Year Anniversary by Downhill&MTB CLUB Reckeng op der Mess











Den 2013 gegrënnte Reckenger Veräin Downhill & MTB Reckeng op der Mess huet dëst Joer seng 10 Joer gefeiert. Ugangs Hierscht ass d'Saison op en Enn gaangen an de Club huet et dofir op senger Piste sou richteg kraache gelooss, ënner anerem mat engem risegen Airbag, wou d'Cyclistë spektakulär Konschtstécker an der Loft konnte maachen! D'Gemeng Reckeng op der Mess wënscht dem DH&MTB e schéine Jubiläum!

*Fondé en 2013, le club reckangeois Downhill & MTB a fêté ses 10 ans d'existence. En ce début d'automne, la saison touchant à sa fin, le club en a profité pour fêter son anniversaire dignement en invitant ses cyclistes à faire des acrobaties virtigineuses au dessus d'un énorme airbag. La commune de Reckange-sur-Mess souhaite un bel anniversaire au DH&MTB!*



KlimaPakt EUROPEAN ENERGY AWARD
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima
65%

Leitbild a KPI (Key Performance Indicators)
*Charte et KPI (indicateurs clés de performance)*

- De 16. Abrëll 2021 ass d'Gemeng Reckeng op der Mess dem Klimapakt 2.0 bäigetrueden.
- Eist Klimateam vu Reckeng op der Mess huet e Leitbild konkret fir eis Gemeng fir de kommunale Klimaschutz entwéckelt.
- Dëse gouf den 9. Februar 2023 vum Gemengerot geneemegt.
- **Zënter dem 19. September 2023 si mir an der Zertifiéierungs-Kategorie 3 (65%), mat 66%.**

### Wat bedeit dat genau?

Dräi Prinzipie vum PNEC, dem „Plan national intégré en matière d'énergie et de climat du Luxembourg pour la période 2021-2030" si richtungsweisend:

- Erofsetze vun den Zäregasemissioune vu 55% géigeniwwer 2005
- 25% erneierbar Energien an hirer finaler Consommatioun erreechen
- Eropsetze vun der energetescher Effikassitéit (40-44%)

D'Leitbild orientéiert sech un den nationalen Ziler a beinhalt konkret ressourceschounend Klima- an energiepolitesch Zilsetzunge fir eis Gemeng bis 2030, ënner anerem:

- Ëmstellung op 100% LED-Stroossebeliichtung.
- Ausbau vun eiser Photovoltaik-Leeschtung.
- Eropsetze vum Undeel un Elektro- an Hybridgefierer am Gemengefuerpark. (minimum 49%)
- Reduzéierung vum Stroum- an Hëtztverbrauch an de Gemengegebaier.
- Reduzéierung vu Reschtoffall op ënner 100 kg pro Awunner pro Joer.
- Minimum 75% - Goldzertifizéierung.
- Reduzéierung vum Waaserverbrauch op 110 Liter pro Awunner pro Dag.

**Fir dëst Engagement ze bewäerten gëtt et e Katalog mat 64 Moossnamen, dee sech op den European Energy Award (EED) baséiert. Déi 6 Haaptberäicher vun dëse Mossname sinn:**

- Entwécklungsplanung, Raumuerdnung
- Kommunal Gebaier
- Versuergung, Entsuergung
- Mobilitéit
- Intern Organisatioun
- Kommunikatioun & Kooperatioun

Mat 66,02% hu mir et also gepackt, 2/3 vun dëse Mësuren ëmzesetzen. Merci fir Är Hëllef an Ënnerstëtzung fir dëse Pallier z'erreechen! Niewendru sinn e puer Beispiller vun ëmgesate Moossnamen:

PacteClimat EUROPEAN ENERGY AWARD
Ma commune s'engage pour le climat
65%

Presentatioun vum Leitbild vun der Gemeng
*Présentation de la charte de la commune*

- *Le 16 avril 2021, la commune de Reckange-sur-Mess a adhéré au Pacte Climat 2.0.*
- *Notre équipe Pacte climat a développé une charte spécialement conçue pour la protection de l'environnement communal.*
- *Elle a été approuvée par le conseil communal le 9 février 2023.*
- ***Depuis le 19 septembre 2023, nous nous situons au niveau de certification 3 (65%), avec 66%.***

### *Et ça signifie?*

*La direction est essentiellement donnée par les 3 objectifs principaux du PNEC, le plan national intégré en matière d'énergie et de climat du Luxembourg pour la période 2021-2030:*

- *Réduction des émissions de gaz à effet de serre de 55% par rapport à 2005*
- *Atteindre 25 % d'énergies renouvelables dans la consommation finale*
- *Augmentation de l'efficacité énergétique (40-44%)*

*La charte s'oriente par rapport à ces objectifs nationaux et comprend des mesures concrètes de protection de nos ressources et de l'énergie pour notre commune jusqu'en 2030, dont notamment:*

- *la migration vers un éclairage public 100% LED.*
- *l'expansion de notre performance photovoltaïque.*
- *augmentation des véhicules électriques et hybrides dans le parc de voitures communal. (minimum 49%)*
- *réduction de la consommation d'électricité et de chaleur dans les bâtiments communaux.*
- *réduction des déchets ménagers à un seuil inférieur à 100 kg par habitant par an.*
- *minimum 75% - Certification or.*
- *réduction de la consommation d'eau à 110 Litres par habitant par jour.*

***L'engagement de la commune est évalué à l'aide de la mise en place d'un catalogue de 64 mesures, qui s'appuie sur le European Energy Award (EEA). Les 6 domaines principaux s'intitulent:***

- Planification du développement territorial
- Bâtiment communaux
- Fourniture et élimination
- Mobilité
- Organisation interne
- Communication & coopération

*Avec 66,02%, nous avons donc réussi à mettre en œuvre 2/3 de ces mesures. Nous vous remercions pour votre aide pour avoir atteint ce niveau! Voici quelques exemples de mesures réalisées:*

# Déi wichtegst Projete vum Klimapakt 2.0
# *Les grands projets du Pacte Climat 2.0*




**Beräich Kommunikatioun & Kooperatioun:** Klimaforum GaReDi
***Domaine Communication & coopération:** Forum du climat GaReDi*




**Beräich Versuergung & Entsuergung:** Eisen Zap- a Spullweenchen
***Domaine fourniture & élimination:** buvette et lave-vaisselle mobile*





**Beräich Entwécklungsplanung, Raumuerdnung:** Pilotprojet Héichwaasserfréiwarnsystem an der Gemeng, installéiert op strategesche Plazen / ***Domaine Planification du développement territorial:** projet-pilote système d'alerte précoce en cas d'inondation dans la commune, installé dans des endroits à risques.*

**De Liichttuermprojet**
***Le projet phare***




**Beräich Mobilitéit:** Foussgängerleedsystem op eisem Tréppelweenetz um Territoire vun der Gemeng, mat Distanzen a POI.
***Domaine mobilité:** Système de guidage pour piétons sur le réseau des sentiers pédestres sur le territoire de la commune, avec distances et POI.*

KlimaPakt | EUROPEAN ENERGY AWARD

Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima

65%

Mir sinn eng Fairtrade Gemeng

# EIS GEMENG ËNNERSTËTZT DE FAIREN HANDEL

*A travers nos engagements, notre commune soutient un commerce équitable avec les producteurs et travailleurs d'Afrique, d'Asie, d'Amérique latine et des Caraïbes.*

Nos choix ont un impact, comme le montre la progression du commerce équitable au Luxembourg en 2022 récemment présentée par l'ONG Fairtrade Lëtzebuerg.




*Les consommateurs du Luxembourg ont dépensé en moyenne 60€ par an pour des produits portant le label Fairtrade soulignent Geneviève Krol & Jean-Louis Zeien, directrice et président de Fairtrade Lëtzebuerg*



*Il existe plus de 4600 références de produits labellisés Fairtrade au Luxembourg proposées par 181 marques, dont 25 marques luxembourgeoises avec leurs 406 produits Fairtrade & Local*

## QUAND SOLIDARITÉ RIME AVEC RÉSULTATS

Malgré la situation économique incertaine et le contexte inflationniste inédit depuis les années 80, le commerce équitable progresse fortement. Le chiffre d'affaires généré par les ventes de tous les produits Fairtrade des différents partenaires de l'ONG en 2022 a atteint 39 millions d'euros, soit une augmentation de 14 % par rapport à 2021.

Cette progression s'explique par le soutien des consommateurs, dont les valeurs du commerce équitable sont profondément ancrées, mais elle s'explique également par l'engagement des 25 preneurs de sous-licence Fairtrade luxembourgeois, qui s'efforcent à proposer une offre de produits certifiés Fairtrade toujours plus importante, que ce soit en moyenne et grande surface, dans les petites épiceries, magasins bio ou encore les Weltbutteker du pays.

Parmi les acteurs privés et publics qui agissent comme multiplicateurs au Grand-Duché, figurent les 37 communes certifiées Fairtrade Gemeng, et les 26 lycées certifiés Fairtrade School. Ces 2 groupes d'acteurs contribuent grandement à la dissémination des valeurs du commerce équitable au Luxembourg, notamment via leurs nombreuses actions de sensibilisation et offres de produits certifiés Fairtrade, comme lors des Semaines Fairtrade ou encore à travers les Fairtrade Walls.

**"Vous n'avez aucune idée du nombre de vies que vous sauvez. Du nombre de vies que vous transformez."**

Écoutez le message de Divine Fulutuni, senior programme officer pour le réseau Fairtrade Africa, adressé aux consommateurs de chocolat lors de sa visite exceptionnelle au Luxembourg fin 2022 :




FAIRTRADE LËTZEBUERG

L'ONG attire l'attention du public sur les inégalités dans le commerce mondial et promeut un système économique fondé sur des échanges durables et équitables.

KlimaPakt | EUROPEAN ENERGY AWARD

Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima

65%




Fir d'Rentrée 2023/2024 hu mir all eisen neie Schoulkanner dës Schmierekëscht an dëse Bidon geschenkt. An der Sch(m)atzkëscht sinn de Kanner hir Schmieren an 100% Bambus beschtens versuergt a mat der Fläschep(r)ost si si de ganzen Dag mat räichlech Waasser agedeckt.

Léif Elteren, denkt och drun de Kanner hiren Numm drop ze schreiwen, da gi se net esou séier verluer!







SCHÜLER – RÔT

SCHOUL KLEESEBIERG · RECKENG OP DER MESS



KlimaPakt
Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima




# Farben & Lacke
sauber arbeiten, auf Qualität achten, sicher verwerten

# *Peintures & laques*
*travailler propre, prêter attention à la qualité, recycler en toute sécurité*

Farb- und Lackreste, Reste von Holzschutzmitteln, wie z.B. Lasuren, Öle & Wachse, sowie Verpackungen mit Resten, verschmutztes Arbeitsmaterial aber auch lösungsmittelhaltige Marker und Stifte enthalten Schadstoffe und gehören nicht in den Restmüll und schon gar nicht in den Abfluss !

*Les résidus de peintures et de laques, les résidus de produits de conservation du bois, par ex. les vernis, huiles & cires, ainsi que les emballages auxquels adhèrent des résidus, le matériel souillé, mais aussi les marqueurs et crayons renfermant des solvants contiennent des substances polluantes et ne doivent pas être mélangés aux ordures ménagères et encore moins être éliminés dans les éviers !*





Farben & Lacke *Peintures & laques* | verschmutztes Arbeitsgerät *Matériel souillé* | Holzschutzmittel *Produits de protection du bois* | Stifte, Marker *Crayons, marqueurs*




Weitere Tipps auf www.shop-green.lu
***D'autres conseils sur www.shop-green.lu***

## Ressourcenpotential für Farbe und Lacke / *Potentiel de ressources pour peintures et laques*




DEM-SDK/LU-199732-06.2022-001




DEM-SDK/LU-199756-05.2022-002

## Vermeidung
## *Prévention*

- Umweltfreundlicher Farben und Lacke sind nicht nur gut für die Umwelt, auch für die Gesundheit.
- Bei Anwendung im Innenbereich auf schadstoffarme bzw. –freie Produkte zurückgreifen.
- Auf Umweltlabel wie ‚Shop Green' achten.
- Für ihren Zweck angemessene Gebindegrösse kaufen.
- Achten Sie darauf, dass die Farbe ergiebig ist. Sie vermeiden dadurch mehrfaches Streichen.
- Reste halten sich länger, wenn Sie die Behälter gut verschlossen auf dem Kopf stehend lagern.

- *Les peintures et laques écologiques ne sont pas seulement mieux pour l'environnement, mais aussi pour votre santé.*
- *En cas d'utilisation à l'intérieur, utilisez des produits à faible teneur en polluants ou exempts de polluants.*
- *Faire attention aux labels environnement comme ‚Shop Green'.*
- *Achetez des emballages convenant à vos besoins !*
- *Veillez à ce que le rendement de la peinture soit élevé. Vous n'aurez pas besoin ainsi de passer plusieurs couches de peinture.*
- *Les résidus se conservent plus longtemps, si vous fermez bien les récipients et les stockez à l'envers.*

## Entsorgung und Verwertung
## *Elimination et recyclage*

Behälter mit Resten und benutzte Utensilien können über die mobilen SuperDrecksKëscht®-Annahmestellen und in den Ressourcencenteren abgegeben werden. Schadstoffe werden umweltgerecht behandelt und entsorgt, auch Wertprodukte - insbesondere Metalle aus Verpackungen werden wieder verwertet. Die Farbreste werden zudem nicht einfach so verbrannt, sondern zu Ersatzbrennstoffen aufbereitet.

*Des récipients contenant des résidus et des ustensiles utilisés auprès des sites de collecte mobiles de la SuperDrecksKëscht® et dans les centres de ressources. Les polluants soient traités et éliminés dans le respect de l'environnement et que les produits valorisables – en particulier les métaux des emballages – sont également recyclés. De plus, les résidus de peinture ne sont pas simplement incinérés, mais transformés en combustibles de substitution.*

KlimaPakt | EUROPEAN ENERGY AWARD

Meng Gemeng engagéiert sech fir d'Klima

65%




*Zu Schëffleng, um Recyclingszenter SIVEC, ginn all Joer 6.600 Tonne Material ugeliwwert. Villes dovunner ass an engem ganz gudden Zoustand, mee muss leider verbrannt ginn. (ca. 2.500 Tonnen) Deem wollt de SIVEC, Syndikat vu 5 Gemengen (Esch, Monnerech, Reckeng, Suessem a Schëffleng), entgéintwierken an huet virun 2 Joer ugefaangen, sech ganz staark am Réemploi z'engagéieren. Den Erfolleg léisst sech weisen: Ca. 100 Tonnen u Material ginn all Joer weidervermëttelt a kommen zeréck an de Kreeslaf. (2022: 125 Tonnen)*

**Dofir brauche mir är Hëllef. Et ass net alles Offall wat net méi gebraucht gëtt. Looss eis zesummen aus „Offall" eng „Ressource" maachen.**

*Firwat Material verbrenne wann et nach gebraucht ka ginn? Firwat net mat de Schüler flott Projeten aus recuperéiertem Material realiséieren? Eist Netzwierk ëmfaasst méi ewéi 200 Schoulen, Maison Relaisen, Organisatiounen aus dem ganze Land.*



## Fir d'Elteren:

*Hutt Dir Schoulmaterial doheem, dat nach a guddem Zoustand ass? Wa jo, da geheit et w.e.g. net ewech. Dir kënnt et an d'Receptioun vun der Gemeng bréngen, wou mir eng Sammelstell installéieren.*
*(83, rue Jean-Pierre Hilger zu Reckeng)*

*Mir huelen Äert Material wärend eisen Ëffnungszäiten entgéint - och gären nach no der Rentrée - a bréngen et a reegelméissegen Ofstänn an de Recyclingzenter SIVEC.*

*Méi Informatiounen um* **37 00 24 - 1**.

## Fir d'Léierpersonal:

**Scannt dëse QR-Code.** *Nodeems Dir de Formulaire ausgefëllt hutt, gitt Dir an eis 4 WhatsApp Gruppen ugemellt. Dir kënnt an deene 4 bléiwen oder austrieden, do wou Dir wëllt:*

- **SIVEC RECUP SCHOUL**
- **(Bastelmaterial, Bicher, Spillsaachen...)**
- **SIVEC RECUP MIWWELEN+DECO**
- **SIVEC RECUP BAUMATERIAL**
- **SIVEC RECUP (vun allem)**

*Geziilt gi mir op Är Besoinen an. Wa mir eppes gesammelt hunn, da kritt Dir vun eis eng Foto geschéckt. Dir sot jo oder nee, duerno kommt Dir et no Ofsprooch sichen. Méi Informatiounen um* **28 38 48 - 800**.




## Opgepasst!

Well am Moment am Krematorium zu Hamm Erweiderungs- an Ëmbauaarbechte sinn, kënne Verzögerungen entstoen, besonnesch bei den Abschiedsfeieren. Dës Zäit ass duerch intensiv Bauaarbechten mat vill Kaméidi gepräägt.

**Un all d'Familljen, déi hir Léifsten verluer hunn:** Fir lech eng Alternativ wärend dëser sensibeler Zäit unzebidden, ermontere mir lech bei Ärer Gemeng nozefroen, fir aner Plaze fir Är Trauerfeieren ze fannen.

D'Verstreeë vun den Äschen ass méiglech zu Hamm op der Streewiss.

Fir méi Informatiounen **https://sicec.lu**

## Attention !

En raison des travaux d'extension et de rénovation au Crématorium de Hamm, des retards peuvent survenir, notamment lors des cérémonies d'adieu. Malheureusement cette période s'accompagne d'une présence accrue de travaux, créant une ambiance de chantier.

**À toutes les familles endeuillées :** Pour vous offrir une alternative lors de ces moments sensibles, nous vous encourageons à vous rapprocher de votre mairie afin d'envisager d'autres lieux pour vos cérémonies commémoratives.

La dispersion des cendres est possible sur la pelouse de dispersion à Hamm.

Pour plus d'information **https://sicec.lu**

ng! - Vill Kaméidi durch gréisser Aarbechten am Krematorium zu Hamm. Zesumme fanne mir eng Léisung! - V
on! - Fortes nuisances en raison de travaux au Crématorium de Hamm. Ensemble trouvons une solution! - Fo

ntier en cours – Baustell am Gang – Chantier en cours – Baustell am Gang – Chantier en cours – Baustell am
ang – Chantier en cours – Baustell am Gang – Chantier en cours – Baustell am Gang – Chantier en cours – B

**Septembre 2023-Décembre 2024**

OFFICE SOCIAL COMMUN MAMER

croix-rouge luxembourgeoise
Mënschen hëllefen

**L'office social commun Mamer (OSCM)** est compétent pour les communes de
**Bertrange, Dippach, Kehlen, Kopstal, Leudelange, Mamer et Reckange-sur-Mess.**
La législation en vigueur crée un droit à l'aide sociale destiné à permettre aux citoyens de mener une vie conforme à la dignité humaine tout en préservant leur autonomie.

## Missions de l'office social :

- accompagner les personnes de tout âge en difficulté confrontées à toutes formes de problèmes existants,
- information et aide à l'accès aux institutions, prestations légales et services sociaux existants,
- aide psychologique, orientation,
- prise en charge des urgences sociales,
- aides financières temporaires suivant problématique,
- élaborer avec le bénéficiaire REVIS un plan d'activation personnalisé.




Les bureaux de l'office social commun sont installés à
**2-4, Parc d'Activités Capellen (Bâtiment B), L-8308 Capellen**.

L'office social est ouvert **du lundi au vendredi** pendant les heures suivantes : **08h30 - 12h00 et 13h30 - 16h00**

**Uniquement avec rendez-vous** **26 11 37-1** **contact@oscmamer.lu**

## L'équipe sociale de l'OSCM :

**Rachel BONTE,** Assistante d'hygiène sociale ¦ Communes : **Bertrange, Dippach**
Tél : 26 11 37-24 ¦ Gsm: 621 330 102 ¦ rachel.bonte@oscmamer.lu
Permanence à Bertrange : le lundi de 13h30 à 14h30 (sur rdv) ; Permanence à Dippach : le mardi de 10h00 à 11h30 (sur rdv)

**Ines FIGUEIREDO,** Assistante sociale ¦ Communes : **Kehlen, Kopstal, Mamer (maisons no pairs)**
Tél : 26 11 37-27 ¦ Gsm: 621 267 162 ¦ ines.figueiredo@oscmamer.lu
Permanence à Kehlen : chaque 2e mercredi de 14h00 à 15h00

**Miren DA LUZ DIAS,** Assistante sociale ¦ Communes : **Leudelange, Mamer (maisons no impairs), Reckange-sur-Mess**
Tél : 26 11 37-26 ¦ Gsm: 621 794 743 ¦ mirien.dias@oscmamer.lu
Permanence à Leudelange: le 1er jeudi du mois de 14h00 à 15h00

**Christian WEIS,** Assistant social ¦ Commune : **Leudelange**
Tél : 26 11 37-25 ¦ Gsm: 621 330 101 ¦ christian.weis@oscmamer.lu
Permanence à Leudelange: le 1er jeudi du mois de 14h00 à 15h00

**Christiane WILMES,** Assistante d'hygiène sociale ¦ Commune : **Bertrange**
Tél : 26 11 37-23 ¦ Gsm: 621 330 103 ¦ christiane.wilmes@oscmamer.lu
Permanence à Bertrange : le lundi de 13h30 à 14h30 (uniquement avec rendez-vous)

### Service ARIS (Revis) :

**Béatrice GUIOT,** Assistante sociale, Tél : 26 11 37 - 51 ¦ beatrice.guiot@oscmamer.lu
**Christiane MULLER,** Assistante sociale, Tél : 26 11 37 - 52 ¦ christiane.muller@oscmamer.lu

**Service administratif :** **Pierre KRIER, Maikel MACHADO, Antonia SALGUEIRO** Tél. : 26 11 37 - 1 ¦ info@oscmamer.lu

# Mir gratuléieren / *Félicitations*




**Hochzäit / 29.07.2023**
Fabienne Schaus & Marc Fautsch




**Hochzäit / 18.08.2023**
Jill Van Rijswijck & Loïc Péters



**Hochzäit / 01.09.2023**
Vanessa Baumert & Grégory Kaps



**Hochzäit / 09.09.2023**
Nastasya Rollinger & Josué Sousa

# An eegener Saach / *En ce qui nous concerne*

## Vereedegung vun eise Kolleeginne Melissa Leoci an Nadine Jakoby
## *Assermentation de nos collègues Melissa Leoci et Nadine Jakoby*





# Manifestatiounskalenner




*11. November 2023*
**Concert - Zaza & Friends**
*Wou: Centre Culturel Pëtzenhaus - Bar*
*Organisatioun: KultuReck a.s.b.l.*

*27.11.2023*
**GaReDi - Klimaforum Dag 1**
*Wou: Pëtzenhaus - Reckeng | Thema: Wärmepompel am Bestand*
*Organisatioun: Gemenge Garnech, Reckeng & Dippech*

*28.11.2023*
**GaReDi - Klimaforum Dag 2**
*Wou: Duerfzenter Koler | Thema: PV/ Mini-PV (Balkonanlagen)*
*Organisatioun: Gemenge Garnech, Reckeng & Dippech*

*29.11.2023*
**GaReDi - Klimaforum Dag 3**
*Wou: Pontebier - Schouweiler | Thema: ekologescht Bauen*
*Organisatioun: Gemenge Garnech, Reckeng & Dippech*

*2. Dezember 2023*
**Reckenger Chrëschtmaart**
*Wou: Duerfplaz zu Reckeng & Pëtzenhaus*
*Organisatioun: Gemeng Reckeng op der Mess*

*9. Dezember 2023*
**Träipenowend**
*Wou: Centre Culturel Pëtzenhaus*
*Organisatioun: Reckenger Musek a.s.b.l.*

Administration communale
de Reckange-sur-Mess